

Een Tëschebilan

Et si lo bal 2 Joer, dat mer mat der Hëllef vun der Gemeng, an och der néideger finanzieller Ënnerstëtzung, ugefaang hunn, di vill Biller an Dokumenter iwwer d'Vergaangenheet vun eisem Duerf ze digitaliséieren. Et ass also Zäit ginn, en Tëschebilan ze maachen an z'erklären, wou mer den Ament stinn, wéi mer schaffen a wat eis nächst Zieler sinn.

Dauler Geschichtsränn

Zënter méi wéi 60 Joer scho gëtt et d'Initiativ vun den «Amis de l'Histoire», déi am Préizerdaul ni e grouse Veräinsprofil haten oder typisch Veräinsaktivitéiten ugebueden hätten, mä duerfir awer ëm sou méi engagéiert Personalitéiten zesummebruecht hunn, deenen hir remarkabel Aarbecht et derwäert ass mat eisen haitige Medien a Kommunikatiounsméiglechkeeten opzeschaffen a weiderzeginn. Ouni d'Leidenschaft fir eis lokal Geschicht vu Leit wéi dem Emil Schaus, dem Aly Beck, dem René Fisch, dem Leo Weyland an nach villen Aneren déi mer hei nit all opziele kënnen, wiere lo schonn immens vill Informatiounen, Temoignagen an Dokumentatiounen iwwer eis Dierfer (sou muss ee wuel nach an dësem Kontext soen) verluer gang. Wéi wäertvoll dat alles ass, wat bis lo schonn zesummegebroen a geschriwwen ginn ass, dat gesi mer lo all Dag bei eiser Digitaliséierungsarbeit.

DigitalArchivPréizerdaul

Am Fong wëlle mer am Sënn vun eise Virgänger viruschaffen. Am Préizerdaul huet lokal Geschichtsschreiwung schonns ëmmer stattfonnt a Kommunikatioun mat de Leit dobaussen, an zwar iwwert d'Grenze vum Duerf eraus. Ob et dem Weylands Leo seng Ouschterausstellungen oder d'Publikatiounen vun Dauler Leit a Bicher, Broschüren an Zeitungsartikele waren, et war ni Sammelen am stillen Kämmerlein, mä een Austausch no baussen.

Duerfir soll eisen digitalen Archiv eng Internetplattform sinn, déi mat alle moderne Kommunikatiounsmëttelen ze erreechen ass, op Smartphone, Tablett oder PC, an zwar iwwerall. Zudeem ass se interaktiv vum éischten Dag un, wou mer online ginn. An anere Wieder, dir kënnt direkt reagéieren op all Fotoen mat engem Clic op e Formulaire, deen iech erlaabt, eis zousätzlech Informatiounen an och Korrekture matzedeelen. Mir erhoffen eis sou nei Dynamiken ze schafen am Austausch mat de Leit dobaussen, déi nach eppes kënnen derzou bäidroen, eis Vergaangenheet besser ze beliichten.

Mat der Digitaliséierung vum Bildmaterial si mer lo scho wäit virukomm: nobäi 3200 Fotoen an eng 120 Filmer sinn opgeholl ginn.

Fotoen

Mir verdanke virun allem den Dauler Berufsfotografen Misch an Eugène Frank vu Bieberech a Jos Schmit vu Proz di vill al Fotoen. Si hunn hiirt Handwierk kannt, a sou eng fotografisch Dokumentatioun iwwert d'Liewen am Préizerdaul hannerlooss, déi an deem Ëmfang nit all Duerf zur Verfügung huet. Fir déi mi rezent Geschicht kënne och lo schonn dankbarerweis um Charles Reiser seng laangjäreg Aarbecht zréckgräifen.

D'Fotoe goufe bis elo integral vun eis gescannt no den häitige Standarden an deem Beräich. Dobäi konnte mer dës Summer op di wäertvoll an äusserst effikass Mataarbecht vun 2 Studentinnen zréckgräifen, dem Lucie Charnaut an dem Noémie Ney, déi eis am Kader vun hirem Vakanzenjob bei der Gemeng zur Verfügung gestallt goufen.

An enger 2. Etapp ginn d'Fotoen digital opgeschafft, an zwar nëmme um Niveau vun der Beliichtung an am Fall vu Beschiedegungen, déi d'Erkenne vu Persounen, respektiv hire Gesichter, erschwéiert hunn.

Accueil Album Contact



DAP0021

Catégorie	Gens du village
Décennie	1920 - 1929
Date	
Lieu	Pratz
Mots clés	
Nom(s)	1. Nicolas Hollerich, 2. Marguerite Hollerich
Informations	D'Marguerite, Duechter vum Nicolas, war zäitliewens Hiewan. Si war bestuet mam Nicolas Trierweiler, dien am Alter vun 33 Joer gestuerwen ass.

Sou ongeféier ginn d'Fotoen op der Internet Plattform präsentéiert.



Zu gudder Läscht ginn d'Fotoen indexéiert: Sujet, Epoch, Nimm asw., an do hoffe mer nach op Feedback op der Internetplattform. Zu etleche Fotoen hu mer quasi keng Informatiounen. Besonnesch Wäert leeë mer op d'Nimm vun den Dauler Leit, déi op der Foto ze gesi sinn. Eng Kategorie ass do ervirzehiewen, an dat ass den Album «Enfance»: bei villen ale Fotoe vu virun 1940 wësse mer keng oder nëmme wenig Nimm vun de Kanner. Bei Klassefotoen géif et heiansdo duergoen, ee Kand ze erkennen fir de Schouljoergang eventuell kënnen ze bestëmmen. Mir soen iwwregens lo schonn deene Leit villmols Merci, déi eis beim Indexéieren vu verschidde Fotoe gehollef hunn an all deenen, déi an Zukunft bereet sinn, eis ze hëllef.

Mir hunn en zimmlech performante Moteur de Recherche: déi Filteren, déi do zur Verfügung stinn, erlaben iech präzis Recherchen en fonction vun Nimm, Datumen, Epochen, Veräiner, Evenementer asw. ze maachen.

Filmer

Bei der Digitaliséierung vun de Filmer gouf di vill Virarbecht vum Fernand Pletschette am Atelier «Back-Office» - Autisme Luxembourg asbl zu Useldeng finaliséiert, mat deene mer och nach an Zukunft wëlle schaffen, virun allem bei empfindlechen alen Dokumenter, bei méi komplexe Fichieren a bei grousformatege Virlagen. Beim audiovisuelle Material verdanke mer ganz vill eise Filmpionéier, dem Néckel Koob, dem Erny Lallemand, dem Jules Matgen an dem Nicky Frank. D'Filmer sti lo nach nit online, mä de Repertoire vun de Fichieren setze mer am Laf vum nächste Joer op d'Plattform, sou dass mer op präzis Ufroer scho kënnen Material zur Verfügung stellen. Duerno wëlle dat réit Filmmaterial zu klenger themateschen Dokumenter verschaffen, déi een sech, sou wéi d'Fotoen, direkt um Internetsite kann ukucken.

Allgemeng Dokumenter

All aner interessant Dokumenter iwwert d'Geschicht vum Préizerdaul a senger Leit setze mer, souwäit dat vum Datenschutz an Autorerechter hier méiglech ass, a PDF-Form op de Site. An deem Kader denke mer driwwer no, verschidde Publikatiounen iwwer de Préizerdaul, dorënner och vläicht ganz Bicher, ze digitaliséieren.

Ausbléck

D'Aarbechten un de Fotoen wäert eis nach eng ganz Zäit beschäftegen. Mir hoffen nach vill Bildmaterial zur Verfügung gestallt ze kréien vun deene Leit hei am Daul, mä och dobaussen, déi nach sou Material vu fréier besëtzen. All Famill, all Haus, alles wat am Préizerdaul geschitt ass interesséiert eis, fir eis Vergaangenheet sou komplett wéi méiglech ze beliichten.

Och déi manner al Biller an Dokumenter interesséieren eis, wëll Villes an eisem Duerf evoluéiert sou séier, dat een nit ze laang mam Opschaffe soll waarden. Prinzipiell klammere mer just di läscht 20 Joer aus, sou dass lo schonn dat ganz 20. Joerhonnert eis Opmierksamkeet kritt. D'Leit kréien hir Dokumenter nom Scannen zréck, si kënnen se awer och dem DAPréizerdaul iwwerloossen. An deem Fall archivéiere mir se an eisem Büro op der Fabrik, wou d'Gemeng eis Raimlichkeeten zur Verfügung gestallt huet fir e seriösen analogen Archivage z'assurieren. Alles wat mer zesummendroen, gehéiert vun do un der Allgemengheet, an d'Gemeng huet sech mat engagéiert, derfir ze suergen, dat all déi Biller an Dokumenter deenen zukünftege Generatiounen erhale bleiwen.

Wann d'Corona Pandemie et erlaabt, wëlle mer d'Plattform an Avant-Première op der Neijoerschrezeptioun vun der Gemeng virstellen. Ufank Mäerz 2022 hoffe mer dann online ze gouen, och wa bis dohin nach nit all Fotoe restauréiert an indexéiert sinn. Mä d'Aarbecht geet souwiso viru mat all deem, wat mer ab elo nach hoffen ze kréien.

Mir si frou fir all Suggestiounen ärsäits. Zéckt nit eis ze schreiwen oder eis ze kontaktéieren op folgender Adress. Mir zielen op är Mataarbecht.

dap@preizerdaul.lu

*Zu gudder Läscht bleift eis nach, iech schéi Feierdeeg
ze wënschen trotz deene schwierigen Ëmstänn,
a fir 2022, virun allem Aneren, eng gutt Gesondheet
fir iech an är Famill a Frënn!*

Arthur Bour
Claude Steichen



Voilà presque deux ans qu'avec l'aide de la Commune et le soutien financier nécessaire, on a commencé à digitaliser les nombreux photos et documents sur le passé de notre village. Le moment est venu d'expliquer, où nous en sommes actuellement, comment nous procédons et quels sont nos prochains objectifs.

"Dauler Geschichtsfreñn"

Il y a plus de 60 ans déjà que fut lancée l'initiative des "Amis de l'Histoire". Sans être une association au profil typique d'un club de village, ce fut pourtant un cercle de personnalités très engagées dont le travail remarquable à beaucoup d'égards mérite d'être repris et transmis avec les moyens de communication modernes. Sans la passion pour le passé de personnes comme Emile Schaus, Aly Beck, René Fisch, Léon Weyland et tant d'autres, un grand nombre d'informations, de témoignages et de documents au sujet de nos villages (le pluriel s'impose dans ce contexte) seraient déjà perdus. Dans notre travail d'indexation nous nous rendons compte de l'utilité de tout ce qui a déjà été rassemblé et relaté par le passé.

DigitalArchivPréizerdaul

C'est dans l'esprit de nos prédécesseurs que nous voulons continuer. Au Préizerdaul, les recherches et l'étude du passé se sont toujours faits en communication avec le monde extérieur, et cela bien au-delà des frontières de notre village. Que ce soient les nombreuses expositions reconnues de Léon Weyland à l'occasion des fêtes de Pâques, ou bien les publications des gens du village sous forme de livres, de brochures et d'articles, ces activités ne se sont jamais faites dans l'isolement d'une tour d'ivoire, mais dans l'échange avec ceux qui s'intéressent à notre histoire locale.

Nous avons développé en l'occurrence une plateforme Internet accessible partout et à tout le monde, grâce aux moyens de communication courants comme le smartphone, la tablette ou le PC. Ce sera également dès le départ un espace interactif. En d'autres termes, il sera possible de réagir à toutes les photos par un clic sur un formulaire vous permettant de nous faire parvenir des informations supplémentaires ou des rectifications. On espère assurer de cette manière un nouveau dynamisme de l'échange avec nos visiteurs qui pourront apporter leur contribution à l'éclaircisse-



ment de notre passé.

Les travaux de numérisation du matériel audiovisuel ont bien progressé : à peu près 3200 photos et 120 films ont déjà été saisis.

Photos

Nous devons les nombreux vieux clichés surtout aux photographes professionnels du village, à savoir Misch et Eugène Frank de Bettborn, ainsi que Jos Schmit de Pratz. Ils ont tous bien connu leur métier et nous ont transmis un patrimoine photographique d'une ampleur exceptionnelle en comparaison avec d'autres villages. En ce qui concerne le passé plus récent, nous pouvons désormais avoir recours aux travaux de longue date de Charles Reiser.

Les photos ont été jusqu'à présent intégralement saisies par nos soins selon les standards actuels dans ce domaine. A cette occasion nous avons pu bénéficier de la collaboration hautement efficace de deux étudiantes, Lucie Charnaut et Noémie Ney, qui nous ont été mises à disposition par la Commune dans le cadre de leur travail de vacances.

Dans un deuxième temps les photos sont traitées numériquement, et cela uniquement au niveau du contraste et de l'éclairage ou en cas d'endommagement gênant l'identification des personnes et de leur physionomie.

Finalement les photos sont indexées : sujet, époque, noms etc., et c'est là qu'on espère avoir des échos supplémentaires sur notre plateforme. Pour un certain nombre de photos, nous n'avons quasiment pas d'informations. En fait nous portons une attention particulière au nom des personnes figurant sur les anciennes photos. Dans l'album "Enfance" par exemple, les clichés d'avant 1940 présentent de nombreux enfants dont nous ignorons le nom. Dans le cas des photos de classe, il suffirait parfois de reconnaître un enfant pour pouvoir déterminer éventuellement la « promotion ». Nous remercions d'ailleurs ceux qui nous ont apporté leur soutien dans cette tâche difficile et tous ceux qui sont prêts à le faire à l'avenir.

Le visiteur de la plateforme dispose d'un moteur de recherche assez performant qui lui permettra dès le départ des recherches précises en fonction de noms, dates, époques, associations, événements etc.



Films

En ce qui concerne la digitalisation des films, le travail préalable de Fernand Pletschette a été finalisé par l'atelier "Back-Office" Autisme Luxembourg asbl, une collaboration que nous avons l'intention de poursuivre afin d'effectuer un certain nombre de numérisations d'anciens documents fragiles, plus complexes ou de grand format.

En matière audiovisuel, nous devons beaucoup à nos pionniers du film documentaire, Néckel Koob, Erny Lallemand, Jules Matgen et Nicky Frank. Ces documentaires ne seront pas encore en ligne, mais le répertoire en sera consultable sur notre plateforme, de sorte qu'on pourra mettre à disposition certaines séquences précises sur demande. Pour le reste il est prévu de réaliser à partir de ces données brutes une série de petits documentaires thématiques également consultables sur le site.

Documents

Tous les autres documents illustrant l'histoire locale du Préizerdau et la vie de ses habitants seront également consultables sur la plateforme, dans le cadre légal bien sûr des droits d'auteur et de la protection des données personnelles. Dans ce contexte nous pensons à numériser intégralement certaines publications sur le Préizerdau, éventuellement certains livres.

Perspectives

Les travaux sur les photos nous occuperont encore un bon bout de temps. Nous espérons obtenir encore du matériel

photographique de gens du village et de l'extérieur qui disposent de documents du passé. Toutes les familles et les maisons, tous les événements et toutes les anecdotes nous intéressent pour élucider notre passé.

Les images et documents moins anciens suscitent tout autant notre intérêt dans la mesure où la vie dans nos villages évolue si vite qu'il ne faut pas tarder à explorer ce passé plus récent. Par principe nous excluons à peu près les dernières vingt années. Pour l'instant, c'est donc l'intégralité du 20^e siècle qui suscite notre attention.

Nous rendons aux gens les pièces dès qu'elles sont scannées, mais ces documents peuvent aussi être cédés au DAPréizerdau. Dans ce cas ils seront conservés dans nos bureaux *Op der Fabrik*, où la Commune a mis à disposition l'espace nécessaire pour un archivage approprié. Tout ce qui est rassemblé appartient désormais à la collectivité, et la Commune s'est engagée à veiller à ce que tout ce patrimoine soit préservé pour les générations futures.

Si la situation sanitaire le permet, nous voulons présenter en avant-première notre site Internet à l'occasion de la réception du Nouvel An organisée par la Commune. Nous espérons pouvoir aller en ligne début mars 2022, même si d'ici là les photos ne seront pas toutes restaurées et indexées. De toute façon le travail continue avec tout ce que nous espérons encore obtenir de nos concitoyens.

Nous sommes ouverts à toutes les suggestions de votre part. N'hésitez pas à nous contacter ou à écrire à l'adresse ci-dessous. Nous comptons sur votre collaboration !

dap@preizerdau.lu

*Il nous reste à vous souhaiter de bonnes fêtes
de fin d'année malgré les circonstances difficiles,
et pour 2022, avant toute autre chose, une bonne santé
pour vous et tous ceux qui vous sont chers !*

Arthur Bour

Claude Steichen

